



SANDWEILER

sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 20. Juni 2025

Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 26. Juni 2025

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengerotsmemberen erlaben sech lech folgend Fro'en ze stellen an hoffen ob eng Äntwert am Gemengerot vum 26.06.2025. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mir lech an der Suite ons Är Äntwerte schréftlech zoukommen ze loossen.

Fro 1:


Laut der Informatioun vun der Madamm Buergermeeschtesch an der Gemengerotssëtzung vum 12. Dezember 2024 waren zu deem Zäitpunkt nach ronn 170 Aarbechtsdeeg virgesi fir de Projet vum Reamenagement vun der Itzegerstrooss fäerdeg ze stellen.

- Kennt Dir ons w.e.g. soe wei vill Aarbechtsdeeg aktuell nach geplangt si fir de Projet fäerdeg ze stellen?
- Wann et Retard'e gouf, wat waren d'Grënn dofir?

Fro 2:

Hannert dem Skatepark gouf rezent eng Plattform gebaut. Laut dem leschte Relevé vun de Baugeneemegunge (Stand 20.06.2025) schéngt keng Autorisatioun ausgestallt ginn ze sinn.

- Kennt Dir ons soe wat den Zweck vun dësen Aarbechten ass?



Fro 3:

Mir hunn duerch e Flyer vun der Gemeng Kenntnis geholl vun der Aféierung vun engem "Rufbus" zu Sandweiler ugeet. Mir begrëssen des Initiativ grondsätzlech. Well d'Informatiounen um Flyer begrenzt sinn an och um Internetsite vun der Gemeng sech (Stand 20.6.25) näischt dozou ze fannen ass, erlabe mir ons e puer Froen zum Thema:

- Ass geplangt dass de "Rufbus" och ausserhalb de genannten Zäite ka bei spezifischen Evenementer genotzt ginn, z. B. fir op (resp. dono Heem) d'Soirée de jeux de société organiséiert vun der Gemeng an der Commission du Vivre ensemble interculturel?
- Aus wéinegem Grond kann d'Spidol um Kirchbiereg ugefuer ginn, net awer Zithaklinik an de CHL?
- Ass dat Gefier ausgerüst fir Persounen am Rollstull ze befärderen sou wéi de Flyer dat undéit?

Virun enger Rëtsch Méint huet de Schäfferot ons informéiert dëse Projet wëllen auszeschaffen an dann d'Bierger a Form vun de Kommissiounen wëllen anzebeziehen an des em hiren Avis ze froen.

- Wéi eng Kommissiounen goufen em en Avis gefrot?
- Kennt Dir ons dës Avis'en zoukomme loosse?


Fro 4:

Laut der Informatioun vun der Mme Buergermeeschter an der Sëtzung vum 27.05.2025 sollt an der folgender Sëtzung, de contrat de Bail fir d'Haus 9, rue de Trèves um Findel gestëmmt ginn. Op Urode vum Office Social ass do eng Famill en urgence agezunn. Um Ordre du jour initial steet dee Punkt net drop.

- Wou huet déi Famill virdru gewunnt?
- Wéini kennt de Bail an de Gemengerot? Ass e scho vum Schäfferot ënnerschriwwen?



Romain DUMONG
Conseiller



Jean LEMMER
Conseiller

